N°2629
Entrée le 11.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko BACKES, op d'parlamentaresch Fro n°2629 vum 18. Juli 2025 vun den Deputéierte Djuna Bernard a Meris Sehovic**

Déi honorabel Deputéiert renseignéiere sech iwwer d'Verkéiersberouegung bei de Schoulen an d'Initiativ vum séchere Schoulwee.

Fro 1) Wéi steet d'Ministesch grondsätzlech zu Moossname fir d'Verkéiersberouegung ronderëm Schoulen am Kontext vun der Sécherheet vun de Schüler*innen an? Wéi eng Initiativen huet de Ministère geholl fir d'Gemengen op dem Thema ze sensibiliséieren?

D'Sécherheet vun de Kanner um Schoulwee ass natierlech och eng vun de Prioritéite vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten. Am "Plan national Sécurité routière 2024–2028 - *PNSR"* sinn dofir och verschidde Moossname virgesinn, déi genee dësem Zil déngen.

Am Kapitel "*Comportement humain"* vum PNSR stellt d'Sensibiliséierung vun de Verkéiersparticipanten e wichtegt Element duer. All Joer ginn hei gezielt Campagnen duerchgefouert, déi sech virun allem mat de vulnerabele Verkéiersparticipanten auserneesetzen. Dozou zielen natierlech och Kanner, déi zu Fouss oder mam Vëlo ënnerwee sinn. Dës Campagnen hunn als Zil, d'Leit am Verkéier op méiglech Geforen opmierksam ze maachen an si drun ze erënneren, fir op déi aner opzepassen, andeems si sech un de Code de la Route halen.

Zousätzlech gesäit de PNSR och fir, dass zesumme mam Educatiounsministère analyséiert gëtt, wéi d'Verkéiersbildung an de Schoule verstäerkt kéint ginn. D'Zil dovun ass et, de Kanner scho fréi d'Wichtegkeet vun engem verantwortungsvolle Verhalen am Verkéier nozeleeën.

D'Initiativ fir Gemenge- wéi och Staatsstroossen inneruerts ze apaiséieren, muss vun de jeeweilege Gemengen aus kommen. Dobäi ginn d'Apaisementer op Staatsstroosse op Héicht vu schouleschen Ariichtungen systematesch vu mengem Ministère accordéiert, ënner der Bedingung, datt d'Amenagementer de konzeptuellen an techneschen Ufuerderungen entspriechen.

Fir de Gemengen eng Hëllefsstellung bei der Ëmsetzung vun de verschiddenen Apaisementsmesuren unzebidden, gouf dofir mat de ministerielle Richtlinnen "Apaisement de la circulation" (www.apaisement.lu) e Leitfaden ausgeschafft. Zu dësem Sujet bitt de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten am INAP reegelméisseg technesch Formatioune fir d'Gemengen un.

Fro 2) Ass d'Regierung gewellt, d'Initiativ „Séchere Schoulwee" opzewäerten, beispillsweis duerch eng Verpflichtung fir d'Gemenge oder mat finanziellen Aiden?

Wéi schonns uewe beschriwwen, läit d'Initiativ fir de Schoulwee ze séchere bei de Gemengen, sou datt dëst der Autonomie communale ënnerläit.

Lëtzebuerg, den 11. August 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes